



Newsletter # 05 - Juni 2022

Dat Wichtigst fir d'Eischt! Just fir déi Leit, déi et bis elo nach ëmmer net gemaach hunn, **dëst ass déi lescht Erënnerung, Äre Beitrag fir 2022 ze bezuelen! Reminder: Cotisatioun/Beitrag 2022 = 50 € iwwerweise w.e.g.!**

Art. 13. *Pour faire face au bon fonctionnement de l'association, les membres s'obligent au paiement d'une cotisation annuelle, dont le montant sera fixé par l'assemblée générale an dee gouf dat lescht Joer schon an eiser AG op 50€ festgesat. Le membre qui n'a pas payé sa cotisation jusqu'au 30 juin de l'année en cours, est réputé démissionnaire ; ... a laut eise Statuten an der europäescher Direktiv iwwert den Dateschutz mussen dann och gläich sämtlech Donnéeën aus eiser Datebank gelöscht ginn! Esou dass dëst ev. Deng lescht Newsletter (Info) ass!*

Net manner wichtig sinn dës Informatiounen: Wann eng Aktivitéit (Tour, Training, Ausfahrt o.Ä.) ausgebucht ass, dann ass se och **AUSGEBUCHT** an et gëtt einfach keng fräi Plaz méi an da kann och just nach 1 matfuere falls 1 aner ausfällt, also zerécktriede muss. „**Duerfir ass et einfach wichtig sech fréizäiteg unzemellen!** „

Dat schreiwen ech scho jorelang an eis Infoen wéi och an d'Newsletteren.

Ausserdem ass bei enger Umeldung och **gläich 1 Acompte fälleg (Anmeldung = Anzahlung)** an, zumindest bei Touren mat Iwwernuechtung(e), muss fir d'Eischt emol **Récksprooch mam Tourguide** geholl ginn, fir ze wëssen ob iwwerhaapt nach Plaz ass (z.B. Zëmmer fräi sinn an et ass och ze klären ob 1 Dz oder Ez gebraucht gëtt)!

Bei all eise groussen Touren gëtt et och ëmmer en „**ANMELDESCHLUSS**“ dee mir musse respektéieren well mir kënne weder onbegrenzt vill a laang x Zëmmer vir-reservéieren a mussen et an Zuel wéi och Dauer limitéieren. Mir hunn déi lescht Woche leider missen e puer Leit ofsoen well Trainingsen wéi och Touren iwwerbucht waren oder einfach keng weider Plazen oder Zëmmer méi disponibel waren. Leider ware mir elo scho forcéiert den Iwwerweisungsdatum ze kucken a ween guer net oder méi resp. ze spéit iwwerweisen hat, hat leider Pech.

An der rezenter „**Spezial INFO**“ **TOUREN & AUSFAHRTEN**, déi all Member kritt huet, sinn all dës intern Regeln genau erklärt, och wéi eng Tour fir wéi eng Zielgrupp geduecht ass, an dass et och Touren gëtt, déi net fir jiddereen géeegeent sinn an een hei ev. e bessi Erfahrung, de néidegen Know-how, dat richteg Equipment an eng gewësse Konditioun muss hunn. Mir bidde (vun-bis) fir jiddereen eppes un, dir musst iech just dat Passend eraus sichen an dierft am Zweifelsfall (oder fir weider Detailer) och ganz gäre mam responsablen Tourguide Récksprooch huelen! Mir bidde jo ab Fréijoer richteg vill „Relax- Starter- Owe- ½ Dag- an Dages-Touren“ un, fir sech lues a lues déi néidegen Erfahrung a Konditioun unzetrainéieren, awer w.e.g. iwwerschätzt iech net! Ween 2 Joer Covid-Paus gemaach huet ass definitiv schlecht beroden sech direkt fir e gréisseren Tour vun e puer 1000 km unzemellen, vun engem XXL-Tour net e schwätzen. Wee mat eis op eng gréisser Tour fuere wëll, soll w.e.g. virdrun emol e puer méi kleng Saachen (och Tagestouren) matgefuer sinn. Dëst ass ënner anerem och duerfir geduecht, dass mir eis kenne léieren an Iech aschätze kënnen.

Mam Juni si mir eigentlech elo och schon duerch; Spessart-Rhön-Tour, 2 Trainingsen, an eis Schottland-Tour sinn ausgebucht an et bleiwe just nach fräi Plaze beim **Relaxe-Nomëttes-Tour den 11.** - beim **Feierowendtour den 16.** oder fir eis Stollereider beim **TET-Off-Road-Tierchen den 12.**

Den **2. Juli** ginn awer nach e puer Leit gebraucht fir den int. **Triathlon zu Iechternach** ze encadréieren an heibäi kann een och nach eppes klengs verdingen! Duerno, resp. **fir de Summer** hate mir jo schon e **puer nei Saachen** ugekënnegt, an déi gutt Nouvelle, **hei ginn et z.Z. dann och nach iwwerall fräi Plazen.**

Elo huet dann och eisen **TRANSPYRENAICA-Tour 22, den ultimative Motostour vum Atlantik und d'Mëttelmier, queesch duerch d'Pyrenäen**, Form ugeholl. Et gëtt eng **Tour vun 2 oder 3 Wochen**, je no Gusto entweder vum 2. oder als „light“-Versioun, vum 10. bis den 21./22. August; an zwar souwuel **als ON- wéi och als OFF-Road-Tour!** Dir musst iech just nach entscheeden wéi (On- oder Off-) a wéi laang (21 oder 13 Deeg) Dir matfuere wëllt.



Dëst ass allerdéngs just **eng Tour fir erfueren a suedelfest Biker** an eng gutt Motorrad-Beherrschung, och an enke Kéieren an op Serpentine-Strecken, vill Erfahrung an eng gutt Konditioun, si Viraussetzung !

A fir all déi, déi den Off-Road-Deel wëlle matfueren, sinn hei dann och déi néideg Kenntnisser, Tout-Terrain-Erfahrung an dat richtegt Material (Stollepneuen) e Must.



Et stinn a Frankräich wéi och a Spuenien eenzel Deelstécker vum TET (Trans-Euro-Trail), wéi och quasi de kompletten ACT (Adventure-Country-Tracks *Pyrenäen-Tour*) um Programm.



Awer wéi gesot et **geet alles och „On-Road“** an et kann een allzäit switchen, grad wéi ee Loscht huet.

De **verlängerte Weekend-Tour** vu **Fr. den 2. bis So. de 4. September** féiert eis **an de Jura**; a fir all déi net grad esou suedelfest Kilometerfrësser, mir hunn och nach **1 Relaxe-Nomëttestour** den 11.06. - **zwou Relaxe-Dagestouren** de 09.07. an de 07.08. - **an eng Relaxe-Weekend-Tour** den 17. an 18. 09. **um Programm!**

Bei eiser **XXL-Hierscht-Tour am Oktober** si jo bekanntlech d'Aller-Retouren och schon **AUSGEBUCHT** an et bleiwe **just nach e puer fräi Plazen fir déi mëttelst Woch an Apulien**; mat Flug Hin- an Zeréck an de Moto um Transporter. Eng éischer gemittlech, kulturell-kulinaresch Woch, avis aux amateurs! **Umeldung virum 12. Juni!**

Da kann ech just nach 1 x un eis **regelméisseg Clubowenter** erënneren, déi weiderhin **2 x mol de Mount** an zwar **all 2. a 4. Donneschdeg am Mount** (also z.B. de 26. Mee, den 9. an 23. Juni oder de 14. an 28. Juli) an eisem Clublokal „Il Castello Borghese“ um Sennéngerbiérg, stattfannen!

An un déi gutt **Motos-Formatiounen vun der Maison du Motard (ACL) op der Kartings-Pist zu Monnerech:**

Fräi Plaze ginn et hei nach: So. 12.(2) - Mo.13. a Mo. 20. Juni (5); So. 3. a Mo. 4.(5) Juli.

A mat **99€** fir ACL-Memberen (oder 149€ fir NET-Memberen) ass de **Präis duerchaus acceptabel!**

Alain BURG, Präsident



De Summer Programm:

03.06.	>	06.06.	Fr.-Mo.	SPESSART-RHÖN-VOGELSBERG	AB	09:00	Total	<i>Ausgebucht</i>
11.06.		----	Sa.	RELAXE-NOMËTTESTOUR 3	CW/SMK	14:00	Total	Mierscherbiërg
12.06.		----	So.	MOTO-SÉCHERHEETS-TRAINING	AG	09:30	SNCT	<i>Ausgebucht</i>
12.06.		----	So.	Randonnée Off-Road - TET 3	SMK/CW	09:00	Total	Schengerwiss
15.06.	>	29.06.	Mi.-Mi.	XXL-SCHOTTLAND-Tour	AB	09:00	Aral	<i>Ausgebucht</i>
16.06.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 2	JPS	17:30	Total	Frisange
19.06.		----	So.	MOTO-SÉCHERHEETS-TRAINING	SMK	09:30	SNCT	<i>Ausgebucht</i>
02.07.		----	Sa.	TRIATHLON	AB	10:30	Lac	Echternach
03.07.		----	Sa.	NOMËTTESTOUR	CW	14:00	Total	Mierscherbiërg
09.07.		----	Sa.	RELAXE-TAGESTOUR	SMK	09:00	Total	Schengerwiss
14.07.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 3	JPS	17:30	Total	Remich
15.07.	>	17.07.	Fr.-So.	NEW Training + Rando Off-Road	CH	16:00		<i>Ausgebucht</i>
24.07.		----	So.	TAGESTOUR	CW	09:00	Total	Windhof
31.07.		----	So.	NEW TAGESTOUR	CH	09:00	Wolters	Grevenmacher
02.08.	>	22.08.	Di.-Mo.	NEW TRANSPYRENAICA On-& Off	AB/SMK	08:00	Esso	Esch/Alzette
04.08.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 4	CW	17:30	Total	Mierscherbiërg
07.08.		----	So.	RELAXE-TAGESTOUR	CW	09:00	Total	Frisange
27.08.		----	Sa.	NEW TAGESTOUR	CJ	09:00	Total	Mierscherbiërg
02.09.	>	04.09.	Fr.-So.	NEW WE-TOUR an de JURA	AB	09:00	Total	Livange
10.09.		----	Sa.	Randonnée Off-Road - TET 4	SMK	09:00	Total	Dudelange
11.09.		----	So.	TAGESTOUR	MM	09:30	Total	Mierscherbiërg
15.09.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 5	JPS	17:30	Total	Z.I. Contern
17.09.	+	18.09.	Sa.+So.	RELAXE-WEEKENDTOUR	SMK/CW	09:00		<i>à définir</i>
25.09.		----	So.	ZESUMMEN ENNERWEE	AB/JPS	13:00	Beringen	Hall Irbicht
30.09.	>	09.10.	Fr.-So.	XXL-HERBSTTOUR "Ab in den Süden"	AB	09:00	Total	<i>Ausgebucht</i>
09.10.	>	16.10.	So.-So.	Dolce-Vita-Tour durch Apulien	Delbecq		Aéroport	Findel
16.10.	>	23.10.	So.-So.	Rückkehr aus Süd-Italien	AB	09:00	Retour	<i>Ausgebucht</i>